

# WANDROUS

N°362 Krëschtmount 2016 / Haartmount / Spiirkel 2017

Dezember / Januar / Februar



Kënnt 5 mol pro Joér raus

Abonnement 25,00 Euro

CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)

Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB

E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)

Tel: 49 50 51

<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!



# Wandrous Publicitéit

# Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!







Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25



D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
**VIKING-ADVENTURES!**

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joér kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Les amis des Lions Bleus

## Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiando wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiando eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergreissert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



### Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

# ? VIRWAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wëllen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Capital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”\*  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uewen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréén mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

**Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!**

# Souche Kleeschen

## fir de ganze Grupp

### HO - HO - HO

Si schon ganz ongedölleg fir op Bouneweg an den Dall bei mèng allerléifst blo Léiwen ze goën an mat hinnen méin Féierdag ze feieren. Dëst Joér gesinn mir eis allegueren den **2. Dezember 2016** am Home vun den Lions Bleus. Wéi émmer brèngen ech Iech dann waarmen Schocki an e rieseg knusperech Kuchenmännercher mat.

Also ech sin dann Freidesowes, den **2. Dezember Punkt 18:00 Auer am Home** bei den Lions Bleus. Ech muss nach an mèngem groussen Buch checken op ech den Housécker brauch, well den brèngt dann dèi néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joér OK waren, da kann deen aalen Granzsaack awer doheem bleiwen. Och wann mer dëst Joér 1 Dag mèi frèi feieren, sou hun ech awer nach ganz vill Aarbëcht um Bockel. Dofir bidden ech Dëch, dass du och wierklech pünktlech um **18:00 Auer am Home bass**, an dat an dènger tiptoper Wanteruniform.

Gehei dofir dèng **Souche** bis den **26. November** an mèng **Bréifkëcht** (nét an d'Wandrouskëcht, mee direkt doniewt) well soss verzweiflen mèng Engelcher erëm, wann së bis den leschten Moment nét wëssen wèivill Thermoskaanen mat Schoki an wèivill Boxemännecher së mer sollen anpaaken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen  
hei ass dem

(also mèng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg  
dèng Liddercher geübt, an mèngen Elteren gesoot  
dat et wichteg wier den **2. Dezember 2016 an tip-topper  
Wanteruniform & um Punkt 18:00 Auer am Home**  
ze sinn, wëlls du en gestressten Kleeschen wiers.  
Si kommen mèch esou géint  
21:00 Auer nees beim Home ofhuelen.




Ënnerschrëft vun den Elteren

# Souche Back2Batavia vir SG,EX,RO,CH

Baal en hallewt Joërl ass et hir dass mir opgebrach sin an déi nei Welt. Mir hu vill geschafft, vill gesin, vill gelaacht, vill gekrasch. An elo ass et esou wait dass mir eis eremgesin vir den:

**Back2BATAVIA.**



## Wee kann matgoen?

Natirlech **Jiddereen** deen och um Batavia dobai war huet Prioritéit op dëse Weekend. All Aaneren deen net dobai wor an awer matgoen wëll, kann natirlech och matgoen!

**Départ ?** Den 10. Dezember 2016 um 9.00 Auer um Parking beim Kinneksbond.

**Retour ?** Den 11. Dezember 2016 um 15.00 Auer beim Home vun de Wiselen zu Mamer

## Prais ?

Fir all déi déi um Camp dobai waren ass de Weekend **GRATIS!**

Fir all déi Aaner déi wëllen matgoën, kascht de Weekend 20 Euro! Déi ze iwverweisen sin op de Compte LBB Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) bis den 1. Dezember!

## Souche ?

Ass oofzeginn bis den 15. November 2016 bei dèngen Cheffen.

## Material ?

Klenge Rucksack mat Schwammsaachen, eppes ze drënken, eppes ze knabberen, Réimer, Kompass, Bierschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, Grousse Rucksack mat Carrymatt, Schloofsaack, Ersatzkleeder, Täscheluucht, Schlappen, Gamelle, Kichenduch, ...



Heimatt erlaaben ech.....

mengem **Scout/Guide/Explorer/Rover** .....

um Revivalweekend **Back2Batavia 2016** (10-11/12/2016) mat

den Mamer Wiselen an den Dippecher Dachsen deel ze huelen.



Ennerschrëft: .....

# Gruppen-KrëschtCamp fir Jiddereen



Opgepasst!!!

Dëse Wanter gët eis Hëllef sou dringent gebraucht ewèi nach nie. D'Agenten sinn awer grad allegueren an der Skivakanz an bei hieren Famillien iwwert d'Feierdeeg. Mee grad elo wou keen mèi hei ass geschéien myteriös Saachen an eisem Ländchen, ét verschwannen Lèit an ét kursèiren Gerüchter. Leider kënnen mer hei nüt mèi verooden, mee wanns du ét erausfannen wëlls, mell déch sou schnell ewèi mèiglech un fir ons ze hellefen! Mir hunn just 3 Deeg dofir Zäit!

Fir dës Herausforderung ze bewältegen, brauchen mir all eenzelenen vun den Lions Bleus. Also kommt sou zahlräich wèi nëmmen irgend mèiglech bei den Quartier Générale vum Geheimdéngscht.

**Wéini:** 06.01.17 bis den 08.01.17

**Rendez-vous:** Freides um 14:00 op der Gare zu Dummeldèng

**Retour:** Sonndes um 16:00 op der Gare zu Dummeldèng

**Waat brauch ech:** Rucksak mat engem gefällitem Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, Ennerwäsch, Foulard, Uniform, Gamelle, Wäschsaachen, Bikini / Schwammbox & **Schwammkaap**, Schloofsaak&Carrymatt, Täschenluut...

**Praiss:** 40 Euro sinn ze iwwerweisen op den Compte: Les Lions Bleus-Rover  
**(CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000)**  
mat der Mentioun "GKC17 + Numm vum Kand"

**Souche:** ass spéitstens bis den 17. Dezember 2016 oofzeginn bei dèngem Chef !!!



Heimat erlaaben ech mèngem Beaver / Wöllefchen / Scout / Explorer  
..... um GruppenKrëschtCamp den  
06.01.17 bis den 08.01.17 deelzehuelen.



Ënnerschrëft:.....



# SchlittschongSORTIE fir d'Beaver(BV)



## Mir ginn Schlittschong fueren!

Sou lues verstëpsen eis Schlittschong am Keller dofir gett et héich Zeit dass mir se mol erëm benotzen! Mell dech schnell un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréinen kennen.

**Wèini:** Den 14.Januar 2017 um 14:00 bei der Entrée vun der Schlittschongspist op der Kockelscheier  
(42 route de Bettembourg L-1899 Luxembourg)

**Retour:** 17:00 virun der Entrée vun der Schlittschongspist

**Präiss:** 2€ op den Rendez-vous matzebrèngen + 2,5€ fir Locatioun fun Schlittschong

**Waat brauch een:** Passend Kleeder undoen !!!  
(Hännschen,Schaal...), eppes fir ze drénken an eppes klenges fir ze iessen !

**BEAVERKLACK**  
Grigri,Tic-Tac,Hawky,Spitzky,Jolly,Foxi,Elsa

Heimat erlaaben ech .....mèngem

Beaver.....  
den 14.Januar 2017 un der Schlittschong-Sortie deel  
ze huelen

.....  
Ënnerschrëft



# FNEL EX-Sportsdag:

## fir d'Explorer



**Léif Explorer, léif Exploreetten,  
Paakt är Sportstäsch!  
An dann geet ét lass  
op Eechternoach  
bei den Eachternoacher Quaichlèken...**



Et ass erëm esou wäit, den **Explorer Sportsdag** steet virun der Dier wou déi verschiddenen Unitéiten aus dem ganzen Land hiren Teamgeesch an hier Kämpfernatur de ganzen Daag können énner Bewis stellen an a verschiddenen Sportaarten können moossen...



### **Wéini ?**

Sonndes den 15.Januar 2017 vun 09h45 – 17h00



### **Wou ?**

Hall Omnisports; Place de la Gare zu Echternach.



### **Präiss ?**

5 € ginn direkt op der Plaatz bezuelt

Iessen an Drénken ass am Präis dran. **Net bezuelt = keen Iessen !!**



### **D'Quaichlèken suergen fir d'Mëttagiessen...**

### **Umeldungen:**

Mellt ärt Team (min. 6 Explorer) bis den 08/01/17 iwwert explorer@fnel.lu un, an iwwerleet Ierch och e flotten Numm fir ärt Team.



### **Waat muss dë matbréngen ?**

Sportskleeder, Turnschtong, **Ekippen T-Shirt** & Duschsaachen

**SOUCHE**



Heimat mellen ech ..... mäin Explorer /  
Explorelette ..... fir den Explorer-  
Sportsdag den 15.01.2017 gär un, deen vun der FNEL organiséiert gët. An  
ginn Souche bis den 17.12.2016 oof!

Ënnerschrëft vum Responsablen: .....

# SchlittschongSORTIE fir d'Wöllef(LX)

Sou lues verstëbsen eis Schlittschong  
am Keller !



Dofir gët ét héisch Zäit, dass mir së mol erëm benotzen !!! Mell dëch séier un fir dass mir och mat DIR e puer Pirouetten dréien können.



**Rendez-Vous:** Samstes, den 21.01.17 um 10:00 um Parking op der Kockelscheier bei der Barrière.

**Retour:** Samstes, den 21.01.17 um 15:00 Auer wèi um Rendez-vous.

**Präiss:** **5 Euro** sinn op den Rendez-vous matzebrèngen !!!

**Souche:** ass oofzeginn bis spéitstens den 14.01.2017 !!!

**Waat brauchs du:** Bierschong, Händschen/Schaal/Mutz, Bidon, **Pic-Nic** fir Mëttes, Schlittschong fir dèi dèi der hun...

Heimat erlaaben ech .....

ménge Kand .....

den 21.01.2017 op d`SchlittschongSortie matzegoën.



Ënnerschrëft.....



### Lëtzebuerg goes Nordic



Wolls dë schon èmmer an den hèigen Norden reesen. Wolls dë schon èmmer nordësch Landschaften gesinn an nordësch Kultur erliewen. Well am Januar kanns de nordësch Kultur zu Lëtzebuerg erliewen. Daat Bescht ass awer dass de daat mat all dèngen Scouts-Kollegen erliewen kanns. Mell dech also elo un, dass de op dës Aventure mat kanns kommen!

Rendez-vous: Samstes, 21.01.17 Staater-Gare um 9:30Auer

Retour: Selwescht Plaatz um 16:00Auer

Präiss: 5€ sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den 7.01.17 op den Compte:  
Les Lions Bleus Asbl - Troupe (CCPL IBAN LU10 1111 7071 3032 0000)  
mat der Mentioun Nordic Sortie + Numm vum Participant.

Material: Dem Wieder ugepassten Kleeder, Gamelle, Bidon, Bierschong,  
Schlittschong (falls en der huet), Schaal/Hännschen/Mutz an  
ganz vill Motivatioun :)

Souche: D'Souche ass bis den 7.Januar 2017 oofzeginn bei engem vun  
dèngen Cheffen.

Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mèngem Scout dem \_\_\_\_\_



\_\_\_\_\_ op der  
Nordic-Sortie den 21.01.17 vun der  
Troupe vun den Lions Bleus mat ze kommen.

Datum&Ënnerschrëft \_\_\_\_\_

# Assemblée générale LBB fir jiddereen



Mir lueden all ons Memberen (Scouten/Guiden, Explorer, Rover, Amicale\*), Elteren (Mammen & Pappen), Frënn, Bekannten souwéi les "Amis des Lions Bleus" härzlech an op ons **Assemblée Générale** an! De richtege Moment fir eemol daat lescht Kalennerjoer en Revue passéieren ze loessen!

## **Den W W W:**

**Wéini ?** Freides Owes, den **27. Januar 17**,  
Pünktlech um **19.30 Auer.**

**Wou ?** Am Home Les Lions Bleus  
(op 61, rue de Pulvermuhl)

**Wisou ?** Wéi all Joer fréën mir ons iwwert Är Präsenz  
an wärten ons och all Méi ginn, dës AG sou  
interessant ewéi méiglech ze gestalten.

## **DE PROGRAMM VUM OWEND**


- 1) Begréissung an Usproch vum Här Präsident
- 2) Rapport vun der leschter Generalversammlung vun der Madame Secrétaire
- 3) Rapport vum Här Caissier
- 4) Viirstellung vum Budget 2016 - 2017
- 5) Rapport vun den Dammen an Hären Caissen-Revisoren
- 6) Bestëmmung vun den Caissen-Revisoren  
fir d'Joer 2016 - 2017
- 7) Rapport vun den Aktivitéiten vum Scoutsjoer 2016
- 8) Erneierung vum Conseil d'Administration fir d'Joer 2017
- 9) Verschidenes an Gemëschtes

No der **Assemblée Générale** huet den Conseil d'Administration den Pléséier lerch op en Pättchen an eng kleng Stärkung anzelueden. Heibäi ergétt sëch och nach d'Méiglechkeet fir ze pooteren an Informatiounen auszetauschen.

**\* All déi Aktiv Memberen sinn gebieden an komplettter Wanteruniform ze kommen!**

# Souche Techuana 2017

Techuana '17



## „Der Berg ruft“

### **Jo ét ass erëm sou wäit, och dëst Scouts-Joër fueren MIR erëm an Techuana.**

Du frees dëch also elo schons nees ouni Elektrësch, Heizung an fléissend Waasser ze liewen, op Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipist ze verbrénggen, dëch verwinnen ze loessen an der Piscine/Sauna, einfach Wanderen ze goën oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazluucht an nët ze vergiessen onsen Remake vum sensationellen Erlebniswanderweg? Dann ass daat hei genee daat Richtegt fir dëch. Mell dëch sou schnell wéi méiglech un, well du wees jo: d'Plaatzen sinn limitéiert!!!!

**Wien kann mat goën:** jiddereen deen bis den 01.09.2016 --> 14 Joër kruut !

**Rendez-vous:** Freidesowes, den **17.Februar 2017 um 18.30** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Zerëck:** Sonndesmoies, den **26.Februar 2017 um 11.00** Auer am Home vun den Lions Bleus.

**Präiss:** Wéi déi letzt Joër'en splécken mir den Präiss op!

Daat heescht 350 Euros fir Transport, lessen, Sauna/Schwämm & déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 175 Euros fir den Skipass bezuelen.

### **Am Kloertext elo:**

Basic-Pack (Programm, Transport, lessen, Schwammen) --> bezuelen **365** Euros.

Basic-Pack & Skipass (mat eegenem Skimaterial) --> bezuelen **550** Euros.

(> Hues du keen eegent Skimaterial, kriss du an der Elterenversammlung weider News wèi's de daat solls maan...vue-que dat d'Lounen hvun Dësem hei zu Lëtzebuerg mèi gënsteg ass ewèi sur place an Eisterraich)

bis spéidstens den 3.02.2017 mat der Mention "Techuana 2017".

D'Geld ass ze iwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“

**Täschegeild:** dëst Joër ginn och 50 Euros duer :)

**Material:** (waarmen)Schloofsaack, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox, 2 puer Hännchen, eng Mutz, en Schaal, Turnschlappen, déck Schong, Schwammsachen (fir d'Sauna an d'Piscine), Wächsachen, Bidon, Tächenluucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dien an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sinn, an fir an d'Schwämm, a.s.w...)

### **Elterenversammlung:** Fir déi Leit déi mat ginn ass déi **Versammlung obligatorësch!!!**

Dës ass Mëttwochs den 14.Dezember 2016 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Hei gëss du gewuer wèi den Camp wärt ooflaafen an du kriss och däin perséinlechen Dossier wou Kopien vun dëngen Pabèieren dran kommen, mat der Fiche Médicale an der Apaacklëscht.

D'Souche muss du schnellstens oofginn sinn, well soss bass du nët officiel ungemëllt!!!

SOUCHE - SOUCHE

Ech ..... erlaaben mèngem Scout, Explorer, Rover

mat um TECHUANA-Wantercamp 2017 (17-26.02.17) deelzehuelen.

D'Souche ass sou schnell wéi méiglech bei déngem

Chef oofzegin, **well d'Plaatzen sinn op 20 Lèit limitéiert !!!!!**

Datum&Ënnerschrëft . . . . .

SOUCHE - SOUCHE

# TECHUANA 2017

## TECHUANA\_wanter'17



## TECHUANA 2017

“Der Berg ruft”



### Départ:

**RV --> Freides den 17.Februar 2017 um 18:30 Auer am Home vun den Lions Bleus.**



### fir déi Leit déi bis elo matginn...

(Liana, Ketty, Alekxis, Harry, Justin, Charel S., Max, Tameng, Soa, Paco, Grizzly, Chouch, Maki, Tamia & ...???)

**D'Valise ass oofzeginn**  
Mëttwochs, den 15.02.2017 ab 19:15Auer  
**Skimaterial & klengen Rucksack**  
alles Mëttwochs oder Freides matbrèngen.


“Mir freen eis schon op dëch an op den Schnéi!  
**d'LBB Schnéihuesen”**

### P.S. Denkt un är Iwwerweisungen :)

Déi genee Détailler fann der an der letzter Wandrous oder online --> entweder 365€, 550€  
Sinn bis spéidstens den 3.02.2017 op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 - Les Lions Bleus asbl-Explorer ze viréieren...

## FNEL RO-Quiz

RO-Quiz bei den GS



# SORTIE bei Pompjee fir d'Wöllefcher (LX)



Hues du déch och schon eng kéier gefroot vun wou den rouden Pompjeeswon hier kënnt deen mir émmer schon vun wäitem héieren? Wèi së ét färdeg bréngen grousst Feier ze läschen? An wèi d'Pompjeen iwwerhaapt esou fonktionèieren?

Wann's du eng Äntwert op all déi Froen wëlls hun an nach aaner Froën hues dann komm mat op eis Sortie bei d'Pompjeen!

Mir ginn zesummen mat den Hoga op Diddelèng an eng Pompjeeszentral an kréien do alles gewisen waat en zukünftegen Pompjee wëssen muss!  
Natierlech kréien mir och daat eent oder daat aanert iwwer d'Eischt Hëllef erzielt.

Verpass op keen Fall déi eemoleg Geleeënheet!

## RENDEZ-VOUS:

Sonndes, den 19.03.17 um 13:30 op der Gare de Luxembourg

## RETOUR:

Sonndes den 19.03.17 um 18:00 zu Diddeleng  
(97, Route de Luxembourg L-3504 Dudelange)

## PRÄISS:

/

## SOUCHE:

ass oofzeginn bis spéitstens den 04.03.2017!!!

## WAAT brauchs DU:

Tiptop Uniform, Biergschong, dem Wieder ugepasste Kleeder, 5 Saache vum Wöllefchen, Bidon ...

Heimat erlaaben ech .....

méngem Kand ..... mat

den 19.03.2017 op d`Pompjeessortie vun de Lions Bleus ze goën.

Ënnerschrëft .....



# Souche Sauvage

FNEL Camp fédéral

**A**m Joer 1354 ass vun e puer Jonken an engem däischtere Bësch en neie Stamm entdeckt ginn: Op verschiddene Wieseplaze verdeelt, lase Leit ronderën. Déi Gruppe sinn equipéiert mat Schëlter, Dëierien, Geschir, Zelter a weess der Däiwel wat net nach!

**F**ir net selwer gesinn ze ginn hunn di Jonk sech dunn op engem Fiels, wou se den Iwwerbleck iwwert de ganze Site haten, verstoppt fir der gelungener Mënschemass nozekucken an ze verfollegen wat do géing lafen.

**N**o e puer Deeg huet sech erausgestallt, dass se sech a verschidde Dierfer opgedeelt, sech mat Paarten an Konstruktiounen opgerüst henn, um Feier kachen an a geselleger Ronn zesumme liewen.



Wéini ?

**02. August - 12. August 2017**

Campplaz :

Op der Sich no enger flotter **Campplaz** hu mer eis duerch sämtlech Plaaze gewullt déi esou ze fanne waren. Fir eng flott a grouss Plaaz ze fannen war keng einfach Aufgab fir eis Maîtrise. Schlussendlech si mer awer fündeg ginn an henn eng mega, flott a genial Plaaz an Nord-Bayern fonnt, matten am Bësch an top geleeeë fir e **Scoutscamp**.

De lokale Grupp bei deem mir eis do wäerten **10 Deeg** amuséieren, freeet séch elo schonn op de Lëtzebuerger Besuch!

Address :

Pfadfinderzeltplatz Sauloch, Collenberg 11, D-96450 COBURG

Prais ?

**490 EURO** op de Kapp

**1. Acompte** (non-remboursable) vun 100 EURO sinn ze bezuelen bis de **17.**

**Dezember 2016** op de **Konto FNEL-Camp Fédéral 2017**

(BGL LU72 0030 3049 5319 0000) mat der Mention "LBB-Numm-vum-Kand".

Fir beim Sauvage 2017 kënne mat dobäi ze sinn, muss du bis spéitstens den 17. Dezember 2016 dèng Souche un däi Gruppechef geschéckt henn.

D'Umeldung ass eréischt da gültig wanns du dèng Souche ofginn hues an d'Suen um Konto sinn.

## ❖ Sauvage 2017 ❖ Umeldungssouche ❖

Numm: \_\_\_\_\_

Virnumm: \_\_\_\_\_

Adress: \_\_\_\_\_

Postcode: \_\_\_\_\_ Uertschaft: \_\_\_\_\_

# Programm Beaver

BV - Programm

## Dezember

- |     |                                      |             |
|-----|--------------------------------------|-------------|
| 02. | KLEESCHEN                            |             |
| 03. | keng Versammlung (LBB Rover-Weekend) |             |
| 10. | BeaverVersammlung                    | 14:00-16:00 |
| 17. | BeaverVersammlung                    | 14:00-16:00 |
| 24. | keng Versammlung (Vakanz)            |             |
| 31. | keng Versammlung (Vakanz)            |             |



## Januar

- |         |                                    |             |
|---------|------------------------------------|-------------|
| 06.-08. | GRUPPEN-KRËSCHTCAMP                |             |
| 14.     | SORTIE                             |             |
| 21.     | BeaverVersammlung                  | 14:00-16:00 |
| 28.     | keng Versammlung (CheffenCityTrip) |             |

## Februar

- |         |                           |             |
|---------|---------------------------|-------------|
| 04.     | BeaverVersammlung         | 14:00-16:00 |
| 11.     | BeaverVersammlung         | 14:00-16:00 |
| 18.+25. | keng Versammlung (Vakanz) |             |

## März

- |     |                   |             |
|-----|-------------------|-------------|
| 04. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 11. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 18. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |
| 25. | BeaverVersammlung | 14:00-16:00 |



Beaverklack  
Tic-Tac,GriGri,Spitzky,Hawky,  
Foxy,Elsa,Joly

# Programm Wöllef

LX - Programm

## DEZEMBER

02.	KLEESCHEN	
03.	keng Versammlung	
10.	Versammlung	14:00-16:00
17.	Versammlung	14:00-16:00
24.+31.	keng Versammlung (KrëschtVakanz)	



## JANUAR

06.-08.	GRUPPENKRËSCHTCAMP	
14.	Versammlung	14:00-16:00
21.	SCHLITTSCHONGSORTIE	
28.	keng Versammlung (CheffenCityTrip)	

## FEBRUAR

04.	Versammlung	14:00-16:00
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.+25.	keng Versammlung (FuesVakanz)	




## MÄRZ

04.	Versammlung	14:00-16:00
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.	keng Versammlung > SO Sortie	
19.	SORTIE	
25.	Versammlung	14:00-16:00

## ABRËLL

01.	Versammlung	14:00-16:00
08.-23.	keng Versammlungen (OuschterVakanz)	
21.-23.	OUSCHTER-CAMP	
29.	Versammlung	14:00-16:00



## Lènks Patt

Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill, Baloo

# Programm Scouting SG - Programm



## DEZEMBER

- 02. KLEESCHEN
- 03. keng Versammlung (RO-Weekend)
- 10.-11. WEEKEND 'Back to Batavia' mat den MW & DD
- 17. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 24.+31. keng Versammlung (Vakanz)



## JANUAR

- 06.-08. GRUPPEN-KRËSHTCAMP
- 14. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 21. SORTIE (Formation Aleksis)
- 27. ASSEMBLEE GENERALE LBB
- 28. keng Versammlung (FNEL Cheffen City-Trip)

## FEBRUAR

- 04. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 11. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 18.+25. keng Versammlung (Vakanz)
- 17.-26. TECHUANA (fir dëi grouss Scouten)

## MÄRZ

- 04. Truppenversammlung 14:00-16:00  
(LBB SCHAFF-WEEK fir jiddereen ab EX-Alter & Cp'en)
- 11. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 18. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 25. Truppenversammlung 14:00-16:00



# Programm Explorer EX - Programm

## Dezember

- 02.12.16 KLEESCHEN  
 03.12.16 keng Versammlung >>> LBB Rover-Weekend  
 10.-11.12.16 WEEKEND 'Back to Batavia' mat den DD & MW  
 17.12.16 keng Versammlung

## Januar


- 06.-08.01.17 GRUPPEN KRËSHTCAMP  
 14.01.17 Unitèitsversammlung 16-18 Auer am Home LBB  
 LBB SCHAFF-DAAG  
 FNEL EXPLORER SPORTSDAG  
 keng Versammlung  
 ASSEMBLEE GENERALE LBB  
 keng Versammlung >>> FNEL Cheffen City-Trip
- 15.01.17  
 21.01.17  
 27.01.17  
 28.01.17

## Februar


- 04.02.17 Explorerversammlung 16-18 Auer am Home LBB  
 11.02.17 keng Versammlung  
 18.+25.02.17 keng Versammlungen  
 17.-26.02.17 TECHUANA

## März

- 04.-05.03.17 LBB SCHAFF-WEEKEND  
 11.03.17 keng Versammlung  
 18.-19.03.17 EX-WEEKEND  
 25.03.17 keng Versammlung



## EXPLORER



Fir d'Unitéit: Eric M., Max ...

# Programm Rover


## RO - Programm

- 02.12.2016 Kleeschen bei den LBB  
 03.-04.12.2016 LBB Rover-Weekend  
 10.-11.12.2016 Weekend 'Back to Batavia' zesummen mat den DD & MW  
 06.-08.01.2017 GruppenKrështCamp  
 14.01.2017 LBB-SchaffDaag  
 27.01.2017 Assemblée générale - Lions Bleus  
 28.-29.01.2017 FNEL Cheffen-City-Trip op Stroosbuerg  
 17.-26.02.2017 Techuana, WanterCamp an Éisterraich

# Rapport Batavia

## Rapport Summercamp

Den 26. Juli 2016 sin mir opgebrach vir an Holland op de Camp ze fueren, eng nei Welt ze entdecken an eis eegen Welt opzeriichten. Moies fréi, mëtten an der Nuecht hu mir eis um Park & Ride Houwald getraff virze starten. D'Dachsen, d'Lions Bleus an d'Wiselen fueren emol erem zesummen op de Camp! Nodeems d'Rucksäck gelueden waren ass et dun mat engem Bus, zwou Camionetten an engem Auto mat remqorqe lassgaangen an mir sin 5 Stonnen richtung Batavia gefuer. Mat enger klenger paus ennerwee si mir dun schlussendlech géint 3 Auer ukomm. Et war gut warm an vir déi ganz Këschten duerch d'Sonn ze schleefen warnet sou einfach. Lues an lues nodeems d'Zelter stoungen huet de ganze Camp dann och schon Struktur ugeholl. Mee soubaal mir färdig waren mat opriichten an alles enner daach haaten, sollte mir schon iwwerrascht vun enger Schauer. Me mir si io net aus Zocker an hun tüchteg weidergeschafft. Nom Owesiessen huet de groussen Häuptling eis dann an sengem Land begréisst an deems hien mat der FlaschenPOST en Bréiw gescheckt huet. Den éischten richtegen Daag vum Camp hu mir ganz dem opriichten gewidmet vir dass all Patrull hirer Imaginatioun mat de Kichen fri Laaf konnt loosen. Mëttes goufen Geméisdips vir Jiddereen mat selvergemaaxchten Zoosse an owes haate mir eng kleng Kenneléiergevällée. Den nächsten Daag war dann och méi séier do wéi mir geduecht hun an et ass daag Nuecht Spill gespillt gin. E Spill wou een Aufgaben muss erfëllen, déi natirlech, wann se erfëllt sin, dem Camp ganz gut din. Et kritt een duerno Suen dovir an mat deenen kann een sech owes de Menü kaafen dass data ganzt lessen net sou langweileg ass. Et gouf Hamburger an et konnt een sech eng Entrée, en Dessert an Gedrenks dobai kaafen. Well mir schon esou laang op der campplaatz waren, hu mir den daag duerno d'Visite op Ommen gemaach, daat klengt Dierchen waat niwend der Campplaatz lait. Mir hun do en klengt Staatspill gemaach an natirlech haat een och gut zait vir nach am Duerf esou en Tierchen ze dréinen. Owes war dunn d'Kachduell ugesaat. All Patrull kruut di nämlecht Materialien an huet missen doraus dat bescht zauberen waat méiglech war. D'Gewennerpatrull kruut den gëllenen Kachläffel iwwerrecht. Well mir den Daag virdrun e besse méi liddereg waren, ass et dun op de Sportsdaag gaangen. Ugefaangen mat engem Triathlon sin d'Leit allegueren fit gemaach gin an d'Camille huet eis dunn och nach virum groussen Tournoi d'Nationalhymne gesongen. 3 Tournoi'en si gelaf: Volleyball, Fussball an Völkerball. Owes haat Jiddereen decke Musekelkater, doéinst ass data den owend e besse mei relax ofgelaaf. Well et den Daag drop jo sollt op den Hike goen! 3 Equipen stoungen zur Auswiel vir den Hike ze treppelen, schnell, lues an mëttel. D'Explorer sin vir sech dee gréissten Tuer getreppelt. Nodeems Jiddereen sai Bréidchen geschmiert haat an sai Ruck um Reck haat, ass et och scho lass gaangen op den Traget. Mir sin duerch eng "Wüst" getreppelt déi esou Sahara genannt get. Opeemol am Nomëtten huet et ugefaangen ewéi aus Eeemeran ze schédden an d'Cheffen sin mat e puer leit zerek op d'Campplaatz gefuer vir do d'Zelter, déi enner Waasser stoungen, erem ze drëschnen... Owes ass et dun Poulet Curry gin an Jiddereen konnt beim Feier setzen an e bessen oofschalten.



# Rapport Batavia

## Rapport Summercamp

Den Daag drop ass den Traget dun weidergaangen. Jiddereen deen ukomm ass, konnt wielen op en well an d'Schwemm goen op der mat an d'Duerf. Owes war eng Veillée wou verschidde Sketcher virgefouert goufen. Déi éischt war domadder och scho laancht an mir sin an de Weekend gestart, wou verschidde LLeit op beuch komm sin. Enner anerem d'Tamia, den Caméléon, d'Glysglys an Galah. Sie hun dun mat eis déi nächst Deeg verbruecht an hun och deelgeholl um Indianerdaag, wou mire is hu missen beweisen vir dass den groussen Indianerhäptling eis an sengem Stamm ophëllt. Owes dun haate mir eng flott Veillée mat Challenzen. Duerno ass de Badgedaag lassgaangen. En Deel ass mam Velo fueren gang an huet den Tour de Batavia gemaach mat duerno schwammen goen. De Badgedaag war do vir verschidde Badger ze maachen, esou wéi de Knuetbadge, de Sportlerbadge oder den Reporterbadge. Den Daag drop ass gewiesselt gin. An schon stoungen d'Moduldeeg virun der Dier! Hei huet all Patrull oofwiesselnd Atelier'en gemaach, mir hun e Flooss gebaut an sin domat gefuer, mir si Bouschéissen gang, Kayak fueren oder am Lieder gebrannt. Owes stoung Supertalent um Programm an do huet all Patrull missen Lidder coveren, Supermodel spiller an e klengen Sketch maachen. Den Daach duerno ass de Moduldaag weidergaang. Am Reen. Mee d'Motivatioun war net fortgespultt gin Jiddereen huet sech gut ameséiert. Jiddereen huet déi Atelier'en gemaach déi en nach net gemaach haat. Schlussendlech gouff et beim Bouschéissen dann och en Badge als éischte Praiss. An d'Flo'ssen sin och esouquer geschwommen! Owes haate mir dunn en Herzblatt organiséiert, vill Geflirts, vill Gekuss an vill Gewhoops. Déi Deeg duerno ass d'Campliewen weidergaang, mir hun en Ausfluch gemaach, haaten eng flott Veillée... Mee de Camp ass op en Enn gaangen an esou lues ass och agepaakt gin. Den Freideg dunn ass et richteg lassgaangen... Lues an lues sin d'Konstruktiounen gefall, d'Zelter sin an de Säck verschwonnen an et huet een och emol Saachen erem fonnt, déi een sait dem zweeten daag vum Camp gesicht huet. Owes haate mir eis Oofschlossveillée. Mir hun Szenen vum Camp widderholl déi een sollt verhaalen. De Bus war dunn och schon do an en huet sech emmer méi gefellt. Déi lescht Nuecht goouff dunn nach eemol an de Bivacken geschloof. Et loung och Jiddereen fréi um Ouer well den Daag drop ass et fréi op Utrecht gaang. Bei Reen sin mir dunn Richtung Utrecht gestart. Gottseidank sin mir awer bei Sonn puer dohannen ukomm. Jiddereen kruut e bessen Fraizait an konnt daat iessen waat en wollt mëttes. Eng ganz schéin Staat déi och klengt Amsterdam genannt gëtt wéinst senge Grachten. En daagestrip ass et op allefall wärt. Am spéiden nometten sin mir dun Richtung Letzebuerg, eis lescht Etape, gestart. D'Elteren hun och schon deelweis op eis gewart wou mir um P&R Houwald eragefuer koumen. Eng Chaine des Adieux gouff gemaach an natirlech sinn och e puer Tréinen gefloss. Mee Jiddereen war frau erem doheem bei der gewinnter Famill ze sinn.

Vir daat ganzt dann och ronn oofzeschléissen, maachen mir am Dezember e Revival an Jiddereen deen dobai war am Summer ass natirlech invitéiert matzegoen!



# RAPPORT Nepal

## vun der FNEL (part2)

### 30.07.2016

Haut war et den virleschten Dag zu Baglung. D' Vicky hat haut säin 18te Gebuertsdag an dofir gouf genau um Mëtternuecht ugefaange mat feieren. Dëst huet zimlech laang gedauert an eise Staff huet dann léif akzeptéiert, dass mir eicht um 10 Auer Carré maachen. Während dem Carré goufen nach de "maillot jaune" an d'Suckel an de Reech weiderginn. E puer Minuten drop si mir dann bis an e Restaurant gaangen fir ze brunchen, et gouf Momo'en an Lassi. Et waren am ganzen 700 Momo'en fiergesinn, mee mat eiser Vitesse fir dess ofzeschlécken haten si keng aner Wiel wei 200 zousätzlecher zouzebereeden. Wou mir dunn zeréck an d'Schoul gaange sinn, hu mir weider un den Projet'en geschafft. Verschidde Leit hunn dann z.b d' Schoul weider renovéiert wou d'Fénsteren färdeg ugestach goufen an anerer hunn d'Schoulbänken färdegfleckt. Kuerzdrop ass den Direkter vun der Daaf-Stomme-Schoul komm an huet em eis Hëllef fir a Projet gefrot. Wou e färdeg war krut hien nach en Don vun Material fir seng Schoul an nodeems hien eis dann verlooss hat hunn mir weider un eis Projet geschafft. Esou ass et dann bis véierel fir 4 gangen, wou mir eis dann virbereeden missten fir op een Verabschidungsiessen mat den Nepali Scouts. Op dësem Treffen gouf et dann z'iessen mat Musik wou dann e puer vun eisen Meedercher, zesummen mat den Nepalesen gedanzt hun. Wou d'Sonn énnergaangen ass waren mir zeréck an der Schoul fir eis Ofschloss-Veillée zu Baglung. De Staff huet d'Veillée wei eng nepalesesch Reality-Show presentéiert, di wie um Fernseh iwwerdroen, gespillt gouf. D'Reklammen dozweschen goufen domat geféllt, dass gewësse Leit e "Badge" fir besonnesch ..... kruten, wie z.B. de Shopping-Queen Badge oder de Playboy Badge. All Patrull huet seng Sketcher oder seng Lidder dann och virgedroen an d'Cheffen haten och e puer Spiller organiséiert. No der Veillée haten mir dann nach GBS ronderém d' Feier an dunn si mir lues a lues all schlofen gaangen. Kuerz virum Schloofengoen hat dann nach de Max vun de Wiselen dei Bombenidee fir um 2 h an der Nuecht en Hamburger beim hot&spicy se bestellen. Mir waarden nach émmer op d' Liwwerung.



### 31.07.2016

Haut ass eisen leschten Dach an der Baglunger Schoul, mir sinn dann wei üpleg géint 8h opgestan an haten un 8h30 Carré. Do gouf et entscheet wien wat fir de leschten Dag géif maachen. De gréissten Deel huet d'Campplatz gebotzt, Baatschen zesummen gefaalt an d'Klassereim färdeg ageriicht. De Recht vun de Leit huet nach e puer Bänken ugestrach an der Kichenéquipe beim Spullen an beim Kachen gehollef. De Mëttag ass zimlech frei komm an do gouf et Reis mat Omelett an Gromperen. Nom lessen huet jiddereen seng Gamelle gespultt an déi an sein Rucksack agepack. Nom lessen hu mir dun nach de Recht vum Material gespultt an déi lescht Saachen am Minibus verstaut. Eist Ziel wor dann d' Schoul esou ze verloossen wei mir se zu Verfügung gestalt kritt haten. Géint 15h war dann alles ferdeg an mir kruten 2 Stonnen temps libre fir eng leschte Kéier duerch Baglung ze spazeieren. Mir hunn eis dunn rdv ginn an zwar um 17h beim Resting Shelter fir eng Gruppfoto. Während der Foto huet sech eng Fra incrusteert an wollt nemei raus aus der Foto, mir sinn dann all zeréck an d'Schoul gaangen. Op der Platz hu



# RAPPORT Nepal

vun der FNEL (part2)

mir eist iwwerflësseg Material un d' Schoul an un Scouten gespent mir hunn e leschte Carré am Schoulhaff gemaach fir d' Objetstrouvéen un déi richteg Persoun zereckzegin. Nodeems sinn mir vir eis lescht Nuecht zu Baglung an de Peace Palace Hotel gaangen. Do hunn mier chinesesch Nuddelen mat Geméiss giess. Dunn sinn mir all roueg an frei an d'Bett gaangen obwuel mir den ganzen Hotel gebucht haten an fir eis alleng haten.

## 01.08.2016

Mir sinn haut um ganz frei um 3h45 obgestan fier un 4h am Haff vum Hotel ze sinn. Mir missten leider esou frei goen well de ganzen Dag Sprengarbechten op der Strooss waren. Dunn sinn mier an dei selwecht zwee Busser wei beim allé geklommen fir dann duerch d'Nuecht ze fueren. Um 8h30 haten mir eis eicht Paus wou jiddereen der nepalesesch Donuts krut mir hunn all och dann vun der Toilette profitéiert an dunn sinn mir erém weidergefuer. Kuerz nodeems dass mir an den Chitwan ukomm sinn haten e puer déi sech métten an d' Strooss ze setzen an reicht no e puer Stonnen weider ze goen, do fier hun mier bal 11 Stonnen gebraucht vir um 15h am Hotel unzkommen. Den Hotel selwer war super mat engem sengem Gaart, mee als aller eicht sinn mir iessen gangen. Um 18h20 ass et dann weider gangen an mir sinn um Ufer vun engem Floss voller Alligatoren de Sonnenénnergang kucken gang. Dunn ass et weider bis an Duerf gangen wou eis traditionell nepalesesch Dänz virgewisen goufen, en dofus war ganz markant well et e Kampfdanz war. Um 9h sinn mir iessen gangen an do gouf et e Buffet mat europäeschen an asiateschen Gerichter. Dunn sinn mir all an d'Bett gaangen an hunn vun der gemittlecher Matrass an vun der Klimaanlagegutt profitéiert.

## 02.08.2016

Haut sinn mir no enger gudder Nuecht géint 6h30 opgestanen. Um 7h gouf et Kaffi do gouf et lecker Pancakes an klassescht europäescht lessen. Nom lessen sinn mir mam Truppen Transporter den eisen Hotel benotzt bis bei eng Elefantefarm gefuer wou jiddereen (ausser e puer Leit) zu 4 an 4 op den Elefanten geridden sinn. Dat ganzt huet bal eng Stonn gedauert an mir sinn dunn duerch den Djungel geridden. Mir hunn vill Deieren gesinn an et war eng super Erfarung. Dunn sinn mir zeréck an den Hotel gefuer an haten dunn e puer Stonnen temps-libre. Déi mécht hunn dovunner profitéiert fir an den Zentrum vum Duerf ze goen an do shoppen ze goen. Mir worn all zeréck fir 12h30 wou mir dunn endlech Mëttagiessen kruten. Mir hunn eis nom iessen um 2h30 rdv ginn fir mam Kanu zwëschen den Alligatoren um Floss ze fueren. No reicht 5min um Floss huet et ugefaangen schrecklech ze reenen. Mir sinn dunn, plätschnaass, 20 min méi spéit bei enger Elephantenmaternité ukomm et huet nach émmer krass gereent. Iwwerall haten sech Pill gebilt an e puer vun de Jongen mat mir abegräff sinn mir mam Kap no fir gesprongen dragesprongen. Nom besichtegen vun der Maternité sinn mir zeréck an den Hotel gefuer, hunn eng Dusch geholl an mir sinn dunn um 19h30 am Restaurant vum Hotel iessen gang. Am Hotel gouf et Spaghetti als Haaptplat an als Dessert kruten mir lecker Äppelbeigne'en. Nom iessen hunn e puer Leit nach e puer Partien Kaarten gespillet mee déi mécht



# RAPPORT Nepal

## vun der FNEL (part2)

sinn frei schlofen gaangen fir den Dag drop an den Djungel Villercher kucken ze goen.


### 03.08.2016

Haut sinn déi eicht um 6h30 opgestanen vir d'Villercher an den Djungel kucken ze goen. D'Leit déi do mat gaangen sinn, sinn dunn duerch d'Duerf gangen fir an den Djungel ze kommen. Do hu mir e puer Papageien, exotesch Villercher an Affen gesinn. Wou mir dann fir 7h30 zereck am Hotel waren, hu mir en Terrain gesinn wou Elefanten Courses stattfannen. Jiddereen huet sech dann am Hotel fir d' Moiesiessen getraff an um Punkt 8 war jiddereen am Hall vum Hotel mat sengen Rucksack an mier sinn all an de Bus gekommen an bis um 13h duerch gefuer. Mier hunn op der selwechter Platz giess wei wou mer den eischten Dag Richtung Pokhara eng Paus gemaach haten. Nodeems sinn mir gutt weider gefuer an um 16h waren mir an der Peripherie vun Kathmandu. Do ass et bermol zimlech lues gaangen an mir hunn 2 Stonnen fir 12 km gebraucht. Mier wornen just nach 5 Minuten vun eisem Hotel fort wou eis zwee Bussen vun engem Typ ugehale goufen. Hien huet sech als Polizist ausginn an hat als eenzegen beweis e Polo mat "POLICE" drop geschriwwen. Hien sot dass den Deel vun der Strooss fir schwéier Gewiichter verbueden ass, wéinst senger hun mir dunn alles aus den Mallen ausgelueden an alles an eng Semi-Remorque vum Hotel geluecht. Mier sinn dunn während 10 min duerch Kathmandu getrëppelt fir endlech an eisem Hotel unzekommen. Den Hotel selwer war ganz ok an déi mécht hunn vun der Dusch profitéiert. Um 8h hunn mir eis getraff vir an de Restaurant vun engem mega schéinen Hotel iessen ze goen. De Restaurant selwer war mega cool an huet een sech wei an enger Eishöhl gefillt. Mir kruten dann e puer Entréen an dunn konnten mir endlech vum Buffet profitéieren. Nom iessen kruten mir erkläert wat den dach drop um Programm stoung an mir sinn all schlofen gaangen.

### BALOO

### 04.08.2016

Eisen eischte Moien zu Kathmandu goufen mer schon um 5:30 vun engem Kreienden Hunn um nopesch Balkon erwescht. Nom Moiesiessen hun mer eis dann an der Receptioun vun Hotel getraff fir beide Bus ze treppelen den eis op Pashupatinath eng berühmten an helleg Verbrennungsstätt. Do konnte mer, wann mer wollten, vun enger Art Balkon aus, nokucken wie d'Nepalesen hier Doudeg am Floss wäschten, sech un hinnen verabschieden an d'Leichen verbrennen. Et war wirklech eng eemoleg Erfahrung, die ech perseinlech ganz besonneg an Erennerung halen wärt. Obeemol ass virun mengen Aan alles verschwommen, wat ech am Ufank mam Damp vum Feier an verbindung bruech hunn. D'Meschung vun der waremer Sonn an dem Geroch vum verbranntene Fleesch hun ech nett verdroen an sin fir d'eischte Keier an mengem Liewen schwaach gefall. Als nächst sin mer all zesummen die weltberühmten Baudanath Stupa kucken gang, die leider grad renoveiert gett. Dono hun mer eis opgedeelt an 2 Gruppen ,die eng sin mam Bus op Bhakdapur gefuer, eng wonnerschein mettelalterlech Kinneksstadt ausserhalb vun Kathmandu. Die aner sin an den Thamel shoppen gang. Owes hu mir eis rem all an engem



# RAPPORT Nepal

## vun der FNEL (part2)

Restaurant eremgesin fir zesummen den Daag oofzeschleissen. Nom lessen hun mer dobaussen eng Châine des Adieux gemach fir dem Krishna Eddi ze soen an him alles Guddes ze wënschen. Hien ass nämlech den nächsten Moien ganz frei erem zereck bei seng Schwester gang an vun do aus an d'Klinik. Die meescht hun sech och versprach a 5 Joer, um nächsten Nepalcamp erem dobai ze sin

### 05.08.2016

Haut de Moien sin mer mam Bus bei den "Aafentempel" Swayambhunath, deen op engem Bierg gleit an vu wou aus mir eng schein Vue iwert Kathmandu haten. Iwert desen Tempel gett et eng aal Legend die mat der Entstehung vun Kathandu zesummenhänkt. No deser Visit hun mir eis an drai Gruppen agedeelt. Eng die rem an den Thamel shoppen gang ass, eng zweet die op Patan gang ass an eng drett die an den "Everest", en Geschäft mat heichwärtege Pashmina Schaalengangen sin. Ech war op Patan wat och eng eemoleg onofhängeg Stadt ass, dei sech haut metten an Kathandu befennt an nach gutt erhaalen ass. Zu Patan haten mer temps-libre an konnten eis die schéin Aalstadt ukucken goen an wann mer wollten den Golden Temple an den Kinnekspalast. Haut war och onse leschten Owend am Nepal dofir sin mir an een deiren Hotel iesse gang an natierlech alleguer an eisen traditionelle Kleeder die mer eis zu Baglung schneidere gelooss hun. Nom iessen sin die die wollten nach zu Kathmandu raus feire gang wat e super Oofschloss war an eng cool Erfahrung. Leider misste mer um 4 Auer Moies schon erem prett mam Gepäck an der Receptioun vum Hotel stoen.



### 06.08.2016

Haut de Moien frei, nodeems och jiddereen no der laanger Nuecht sein Zimmerschlessel fonnt hat fir oofzegginn, sin mer op de Flughafen gefuer. Do hun mer d'Anne an d'Marie verabschied denen hier Rees nach wieder duerch Asien gangen ass. De Rescht ass vun Kathmandu op Istanbul geflunn wou mer Mettes ukomm sin an de rescht vum Daag missten an eisem luxuriösen Hotel verbrengen.



### 07.08.2016

Den nächsten Moien sin mer nom Moiesiessen zreck op de Flughafen gefeiert gin wou mer dann de Fliger fir op de Findel geholl hunn. Zu Letzeburg ukomm sin mer alleguer an eiser Kurta aus dem Fliger geklommen wou mer vun eise Frenn a Familien empfange goufen. No enger Châine des Adieux am Hall vum Flughafen hun mer eis all Eddi gesoot an eng schéin



# RAPPORT Montée vum ganzen Grupp

D'Montée vum Pit a vum Daniel

Dat Spannendst vum Dag war owes. Mir, d'Wellef vun den Lions Bleus, sin mat de Fakelen durch den Bësch gaangen. Dái Rou konnte en genéissen. Den Pit an den Daniel maachen nämlech d'Montée an d'Scouten. Een vun den Scoutscheffen huet eis empfaang. Lo war den Moment vir dem Pit an dem Daniel äddi ze soen. Den Daniel sot, hien wäer frô bei den Wellefcher. Awer et wäer och Zäit gin, an d'Scouten ze kommen. Dun hun mir him äddi gesot. Elo sin mir zereck bei d'Home gaangen. Den Moien drop hun mir eis virum Kaffi ugedo an sin eraus Frühsport maachen gaang. Dann hun eis Cheffen déi nei Sizainen opgezielt. Dem Clarisse séng Sizaien huet en Léif gebastelt. Dem Léa séng Sizaien huet en Wollef gebastelt. Dem Shahin séng Sizaine huet en Tiger gebastelt.



Virwat hun mir di Déieren gebastelt? Mir hun déi Déieren gebastelt well dat d'Nimm vun eisen Sizaienen sin.

Amélie Wohlgenannt

## PHOTOCOLLAGE

ViizWeekend&Joti



# PHOTOCOLLAGE

ViizWeekend&Joti



## Et ass nach Äppel Viiz/Jus do !!!

Mir hun den Recht Äppel gefouert, pressen gelooss an anfellen gedunn.  
Lo könn dir gär 1,2,3... **KUBB/CUBE > Äppel-JUS à 5Liter fir 10 € bei eis kaafen**



# RAPPORT HalloweenWE

Meute



## HALLOWEEN-WEEKEND vum 22.-23.10.16

Samstes hu mir eis um 9h Moies op der Gare getraff. Du si mer mat drai verschiddenen Transportmëttel bis op Ierpeldéng bai eist Gruselschlass gefuer. Ënnerwee hu mer nach de Great Howl gemat. Mir hun eis installéiert an ech war nees zeréck mam Pollyana seng Jacket op d'Gare sichen. Wärenddeems déi aner nach ebessen dobauße gespiltt hun, huet de Bagheera eis ee leckeren Nuddelsgratin gekacht. Nom Mëttegiessen an no de Chargen dunn, hun eis 3 Sizaïnen jeweileg ee Kürbis ausgehielt an eng gruselech Mask dropgemolt, déi mir dann drageschnitzt hun. Duerno gouf et drai Atelierien : Dekoratioun bastelen fir d'Party, also Girlanden aus Fliedermais, Gespenster an Kaatzen ; Orange-Téiliichter bastelen a Kürbiskuch baaken, mat dem Kürbisfleesch de mer virdrun ausgehielt hun. Nodeems mer geraumt hun an de läschte Kuch aus dem Uewe war, hu mer eis prett gema fir op e Piste-Poste ze goen. Een ale Vampir haat séng Zänn verluer, an elo hu mer missten all zesummeschaffen, fir déi eremzfannen. Ennerwee hu mer de Vladi de Vampir getraff, dee ganz vill duuscht haat, de Geescht Buhu deen um kraische wuar wéint de Lächer a sengem Laken, an de Werwollef, dee sai Gold verluer haat. Mir hun hinne gehollef, a kruuten dunn dem Vampir seng Zänn erem. Zeréck am Chalet gouf et du Croque-Monsieur z'iessen, ier du jidfereen sech Verkleede gangen as fir d'Halloweenparty. Op der Party dunn, hu mer lauter Spiller gemat ennert anerem d'Vampirspill an en Taaschtspill. Du war et och schon Zait fir d'Monstere schlofen ze goen. Sonndesmueres si mer da geint 8h15 opgestaanen an am Pyjama hu mer d'Augapfespill gemat, wou zwee Equuppen geinteneen ugetruede sin an engem Parcours, mat engem Leffel am Mond wou en Augapfel dropploung. Dunn war de Bagheera eis Brout a Boxemännecher sichen, a mer hun zu Moies gies. No de Chargen, ass jidereen sai Rucksak paake gangen. Duerno hu mer d'Draiecksspill gemat, wou mer eis all mitgelaaf hun, an dann hu mer nach e Puer Spiller dobausse gemat. Fir Mëttes haate mer lecker Kniddele mat Rahm a Spéck. No der Chargen si mer erem rausgangen, wou mer Spiller gemat hun, ennert anerem d'Schlängespill, wou jidereen sech un de Schélleren unhällt, an just ee gesait eppes, dee seng Leit da guidéiere muss. Fir den Oofschloss, hu mer nach e Meckercarrée gemat, wou jidderee ka seng Meenung soon wat e gudd fonnt huet um Camp a waat net.

..... staff MEUTE



# Dem LEO LEIWF sèng Säit

Leo Léiw

**HoHoHo dir Blo Léiwen!**

Elo ass daat heiten Joér 2016 scho baal eriwwer!

Allerdèngs loossen ech Ierch awer nêt ouni Spill an Spaass goën! Ech wünschen Ierch vill Spaass beim amüsieren, schèin Krëschtdeeg an e gudde Rutsch an daat neit Joér!




*Vir ze laachen*

Lieber Weihnachtsmann,  
ich war das ganze Jahr über  
sehr artig und wirklich lieb,  
k, die meiste Zeit,  
also....ich meine häufig,  
na schön, hin und wieder  
okay, ich werde es mir  
selbst kaufen.

Großpapa zu seinem Enkel:  
"Ich möchte dir ein Buch zu  
Weihnachten schenken.  
Magst du ein Buch haben als  
Weihnachtsgeschenk?  
- "Ja, sehr gerne. Ich möchte  
dann bitte dein Sparbuch."

Was lernen die Elfen vom  
Weihnachtsmann in der  
Elfenschule: Das Elfabet.



**Vir ze baacken...**  
**Liewkuchmännchen**

250 g	Zucker
80 g	Wasser
750 g	Honig
1 gr	Ei
60 g	Eigelb
30 g	Zimt
20 g	Vanillezucker
8 g	Nelke(n), gemahlen
8 g	Kardamom, , gemahlen
4 g	Muskat, gemahlen
1	Zitrone abgeriebene Schale
600 g	Roggenmehl
600 g	Mehl (Weizenmehl)
12 g	Hirschhornsalz
5 g	Pottasche, (Apotheke)
100 g	Milch

Den Zucker mit dem Wasser aufkochen und den Honig unterrühren. Die Mischung auf 30 Grad abkühlen lassen. Das Ei mit dem Eigelb und allen Gewürzen Schaumig rühren (Lebkuchengewürz die fertige Mischung 12 g geht auch). Zusammen mit der Honiglösung in das Mehl einarbeiten und gut durcharbeiten. Die Pottasche und das Hirschhornsalz jeweils getrennt in der Hälfte der Milch auflösen und auch getrennt in den Teig einarbeiten. Den Teig gut verpackt über Nacht gekühlten lassen. Den Teig ca. 5 mm dick ausrollen, ausstechen oder die Teile für das Lebkuchenhaus zuschneiden. Auf das Backblech, das mit Backpapier ausgelegt ist, legen und mit Milch bestreichen. Eventuell mit Nüssen dekorieren. Bei 160 Grad ca. 15 min backen.



# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

## Starter-Pack\_Lions Bleus

### De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs fir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! Daat Ganzt an enger spezieller Offer fénns du elo némmen an dèngem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover



Eenzelpräiss

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelpräiss

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelpräiss

16 €



LBB-Kaap/Mutz




Eenzelpräiss

12 €

**TOTAL**

~~65 €~~



#### Aaner Produkt'en am LBB-Shop:


LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	11 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €

**an nach VILLES mèi !!!**

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > 17/12/16, 21/01/17,

# Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



## POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz...  
an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart  
schècken?  
Dann zèck nüt laang an schèck së op:  
**Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg**  
Mir geifen eis jidderfalls freen an së an der  
nächster Wandrous publiziéieren.  
**Also e Grond mèi fir eng Vakanz :):):)**

# WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

**Nouv.Adresse:**  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer**  
**Donneschdes** op, ausser  
während den Schoulvakanznen!!!

## ALLGEMENG Datumer:

22/12/2016 Prost'it - WINTERdition  
15/01/2017 EX Sportsdag  
18/01/2017 CoGro  
28-29/01/2017 City-Trip fir all aktiven Chef op  
                  Stoosbuerg (F)  
04-05/02/2017 Bosses et Bobos (1)  
11-12/02/2017 Tronc commun (2)  
16/02/2017 Réunion semestrielle  
18/02/2017 RO-Quiz (organisé par GS)  
11-12/03/2017 SG Formatious-Weekend

15/03/2017 CoGro  
18-19/03/2017 SG Cheffen-Weekend  
25-26/03/2017 Bosses et Bobos (2)  
01/04/2017 RO Hunt'it  
08-11/04/2017 Leadership FormationsCamp  
08-11/04/2017 EX Brevêt  
06-07/05/2017 SG Explor  
12-14/05/2017 EX Raid  
02-12/08/2017 Camp fédéral'17 - Sauvage (D)  
23/07-4/08/17 World Scout Moot '17 (Island)

# **et schéngt**

**et schéngt**

- 01) wèi wann ab elo, no laangem an zéihem Nofroën endlech eng Hikeplatz um Misärshaff gèif ginn.
- 02) wèi wann sèch dës Scoutsjoër 2016-2017 am Home een dräiköpfegen Hond ronderëm gèif dreiben.
- 03) dat Lions Bleus vun Joër zu Joër èmmer mèi international gèifen ginn.
- 04) wèi wann Lions Bleus èmmer mam Trend ginn an Troupe och zu deenen coolsten vum Land zielt.
- 05) dat eis dësjähreg Unitèit ganz schnell un wier an schon e Produzent fir hier T-shirts hätt.
- 06) wèi wann um Rover Sous-camp um Camp fédéral ,Sauvage' direkt zwee Lions Bleus aktiv wieren.
- 07) dat den Hundchen vun Zëttel esou lues an den Alter kënnnt an Problemer mat der Prostat kritt.
- 08) wèi wann op der Scoutsformation engem Kandidat seng Gamelle falsch op engem Auto stoung.
- 09) dat Liesen e kloären Viirdeel wier, virun allem waat Oofliwweren vum Formationsmaterial ungeet.
- 10) wèi wann Garagen am Moment an sèch genuch ze dinn hu mat Summer>Wanterpneu ze wiesselen.
- 11) wèi wann op den Wëllef hierem HalloweenWeekend vill Monstern laanscht komm wieren.
- 12) wèi wann eis jonk Cheffen op der Formation nom Tronc Commun zu Philosophen ginn wieren.
- 13) wèi wann eis BV op CH-Formation laanscht wornen an mat de Kandidaten den Dag verbruecht hun.
- 14) dat deen nächsten jonken Chef elo och deen am Besëtz vum ROSA-Schäin ass.
- 15) dat d'Kaweechelchen sou lues sollt iwwerleen op daat hannert dem Ball laafen nach gudd ass fir hat.
- 16) wèi wann Scouten (waat jo och normal ass) d'Holz ganz vill gären hun an domat eppes maan.
- 17) dat anscheinend den ,Fliegenpilz' sain Numm nüt fir näischt hätt laut engem Kand.
- 18) wèi wann d'Explorer op hierem Weekend erausfonnt hätten dat eng Plastikstuut gèif schwammen.
- 19) wèi wann FNEL all zwee Joër een CheffenCityTrip mëschte an ét 2017 op Stroosbuerg (F) wärt goën.
- 20) dat mir als Grupp no 2013 zu Diddelèng nees een GruppenKrëschtCamp zesummen maan.
- 21) dat mer dës Joër beim Äppelrafen am Ufank gemengt hätten: Daat geet nimols duer mat den Äppel.

# **et schéngt nüt nemmen**

**et schéngt nüt nemmen**

- 01) dat den Gruppenchef ewèi och sain Fiirgänger elo hier Liewensmission an der FNEL erfëllt hätten.
- 02) dat daat wuel mat eiser neier Unitèit ze dinn hätt, dèi op den Numm ,Cerberus' gèifen lauschteren.
- 03) wèi wann mëttlerweil zeguer een Auto mat wäiss/schwarzem Nummerenschëld virum Home steht.
- 04) dat Sie während hierer Versammlung ènnert aanerem eng Bottle-Flip-Challenge haaten.
- 05) dat all aktive Member deen gudd sollt kennen, well e sèch zu Trèier hannert der Porta Nigra befënnt.
- 06) dat'en dës zwee Beavercheffen/tâinen excellent Roverresponsabel oofgèifen ginn.
- 07) wèi wann hien ét esou nèideg haat an Pippi op dem Pitti sain Scoutsrucksack gemeet huet.
- 08) dat dës komëscherweis Fliigerlècken kruut an op emol een sè (leider) am Kapp hänken haat.
- 09) wèi wann daat nüt gudd gemeet gouf an soumat Patrullenkëscht am Quartier stoung an nüt um Haff.
- 10) dat de CG eng nei Tèitsch am Auto hätt well en de Potto am Parking iwersinn hat an lo e RV brauch.
- 11) dat dèi sèch angelueden an wuel gefillt hun an dofir och all d'Leckerein & Snacks fort giess hun.
- 12) dat'en sie ab sofort elo och als Ekipp hier Owesprogrammer nach mèi spirituell gèifen gestalten.
- 13) dat Sie hei mat aaneren Beaver den Prënz zesummengesaat hun fir d'Prinzessin kënnen ze retten.
- 14) wèi wann mir frô sinn dat en ét gepackt huet, an mir dem Geier och heimat wëllen gratulèieren.
- 15) wèi wann hat eng Coup de boule kruut, een blot Aan an als Kado eng Gehirnerschütterung :(
- 16) dat sie sèch och lo am Klassiker > Neel an den Holzstamm anschloën/klappen versicht haaten.
- 17) wann d'Lëit dèi drun stierwen eben dono an den Himmel ,fliegen'
- 18) dat wann een sè (Tuut) aus dem Waasser fëscht erausfannen kann dat daat kaal këint sinn :
- 19) dat daat fir all aktivenChef as, sie sèch hei just müssen unmellen, matgoën an d'Aktivitéit genëissen.
- 20) wèi wann do all klengen an groussen Detektiv gebraucht gët fir eis ze hëllefen an Rätsel ze leisen.
- 21) dat daat nüt esou wor a mir nom selwer Pressen de Recht elo angekacht als KUB fir 10€ verkaafen.

# **les amis des Lions Bleus**

**amis LBB**

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbels Joanne, Elvinger Marc ...


# 3 Mèintprogramm

3 Mèintprogramm

oktober'16		november'16		dezember'16	
Sa	1	GRUPPEN-MONTEE	Dë	1	
So	2	GRUPPEN-MONTEE	Më	2	
Me	3		Do	3	
Dë	4		Fr	4	
Më	5	Permanence	Sa	5	keng Versammlung (Vakanz)
Do	6		So	6	
Fr	7		Me	7	
Sa	8	Beaver / Wellef / Troupe LBB Schaff-Daag	Dë	8	
So	9		Me	9	Permanence
Me	10		Do	10	
Dë	11		Fr	11	
Më	12	Permanence & ELTEREN-Versammlung	Sa	12	Beaver / Wellef / Troupe / Explorer
Do	13		So	13	
Fr	14		Me	14	
Sa	15	Beaver / Wellef VIIZ-WEEKEND	Dë	15	
So	16	VIIZ-WEEKEND & ÄPPELSTUFF fir Jiddereen	Me	16	Permanence
Me	17		Do	17	
Dë	18		Fr	18	Wandrouseinsendeschluss
Më	19	COGRA	Sa	19	Beaver / Wellef / Patrull EX Weekend
Do	20		So	20	EX Weekend
Fr	21		Me	21	
Sa	22	Beaver / Patrull / Explorer LX Halloween-Weekend	Dë	22	
So	23	LX Halloween-Weekend	Më	23	COGRA
Me	24		Do	24	
Dë	25		Fr	25	Wandrousredaktionsschluss
Më	26	Permanence	Sa	26	Wellef / Unitéit BV Sortie & SG Sortie
Do	27		So	27	
Fr	28	CHEF-SQUAD	Me	28	
Sa	29	keng Versammlung (Vakanz) CHEF-SQUAD	Dë	29	
So	30	CHEF-SQUAD	Më	30	Permanence
Me	31	CHEF-SQUAD			

# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



BATAVIA 2016

Wou ass eisen Auto?!? >>> egal  
fueren mer halt mam Caddy zerreck  
op den Camp :);)